



Dem Georges séng Mamm

Wann der haut iwwer de Parvis vun der Kathedral gitt, da géing et iech am Dram nèt afalen, datt do virun e puer Jorzéngten e Schoulhaff war; den Haff vum ale Kolléisch. E loug e puer Meter méi déif; énnert dem moderne Parvis vun haut as muenches begruewe gin; schéines a manner schéines.

Méng Geschicht as aus dæer Zäit. 'T as d'Geschicht vun engem Klassekomrod; vum Georges, odder och vläicht déi vu sénger Mamm, huet dat, wéi der wëllt.

Ech ka mech un deen Dag, haut no gutt drësseg Jor, nach erënneren. 'T war dee leschte Schouldag virun der grousser Vakanz, mer haten d'Zensure scho kritt, 't gouf näischt méi émgerappt an der Klass. De Proffe louch och näischt méi un eis, an d'Paus war vill méi laang wéi soss. Eisen Däitschproff huet jhust nach aus engem lëtzebuergeschen Theaterstéck virgelies, dat hie geschriwwen hat, ech weess et nach genee.

Mer stoungen an der Paus op engem Koup. Mer hu vun der Vakanz geschwat, vun deenen, déi sëtze blouwen, vun den Noexamen, jee, wéi hätt et anescht kënne sin.

Uewe beim Glänner, wou et eran an d'Kathedral gong, stoung eng kleng, rabbeldir Fra an huet erof an den Haff gekuckt. Se hat e groë Mantel un, dee vill ze weit a vill ze laang war, an hir Hänn hat se op d'stenge Glänner gestäipt. Se huet „Jhijhi“ geruff. Mä 't huet keen op deen Numm héiren, hir Stëmm war och där haartster keng a gong am Autosverkéier an an deem ganze freed-

gen Trublement vun der Paus ënner. „Jhijhi“; kee wouss, datt et dem Georges séng Mamm war.

De Georges war den éischten aus eiser Klass; vu Septima un. De Kolléisch war e Kannerspill fir hien an 't war kloër, datt en no der Première géing op d'Uni gon. E war sou gescheit, datt een e gefaart huet. 'T waren nach eng véier, fënnef aner Georges'en am Kolléisch, mä wa vum Georges rieds gong, da war et ëmmer vun him.

Hien hat d'Léisunge vun alle Mathesaufgaben färdig op Ziedelen an engem décken Dossier; deemols hun d'Bicher nach nèt sou séier schanjhéiert. En hat och eng onheemlech Sammlung vun Aufsätz; heinsdo alt eng hallef Dosen iwwer een Thema. 'T huet een hien nëmme brauchen ze froën – an ze bezuelen, well fir näischt huet en näischt gemaach.

Vun Tertia un huet hie mat eis Theater geprouft; mir waren eng gutt Equipe, an elo wollten se d'Equipe seguer opléisen, well de Georges jo op d'Uni géing.

D'Fra stoung nach ëmmer uewe beim Glänner. Zwëschen de klenge Saillen erduurch huet een hir goureg Been erbléckst. An du hun ech an uecht geholl, datt de Georges, deen natierlech d'grousst Wuert gefouert guet, hannert deen décke Käschtebam geréckelt as.

„Jhijhi!“

Déi Kéier war et nèt z'iwwerhéieren, an 't as du och deenen aneren opgefall, datt et fir de Georges war. „Jhijhi“, mir hun ugefaangen ze laachen an hie gefrot, op dat séng Groussmamm wir.

Wat mer nèt wousten: Se waren doheem aarm wéi eng Kiirchemaus, säi Papp war dout an séng Mamm as botze gaang fir dem Georges d'Schoul ze bezuelen.

An de Georges wouss ganz sécher, firwat séng Mamm deen onméigleche Mantel unhat, bei där Hëtzt.

Well se bei den Direkter geruff gi war, a well deen hir eng Bourse an d'Hand gedréckt huet, fir datt hire Georges konnt weidergon.

De Georges huet op eemol de Fuedem verluer. Séng Mamm huet en nèt méi geruff. Mä se stoung nach do. E muss hir Aan duurch de Käschtebam am Réck gespuert hun. S' as nèt gewach. Du huet et geschellt.

Mir sin erop an d'Klass gaangen. D'Première loug zur Péitruss-Säit, an ech konnt mer nèt verquessen, fir bei d'Fenster luussen ze gon. De Georges souz op sénger Plaz an huet sech nèt gemuckst.

Séng Mamm stoung nach ëmmer do; wéi ugewuess. Se huet an den eidlen Haff gekuckt, mä ech mengen, se huet guer näischt ronderëm sech gesinn.

An du huet s'aus der Täsch eng Enveloppe erausgeholl an se ganz lues a kleng Schnéppelen zerrappt. E puer Schnéppelen sin erof an den Haff gedantz . . .

Wat spéider mam Georges gin as? O 't geet him gutt; ganz gutt seguer! 'T si Leit, déi schwammen ëmmer uewendrop. Wéi e Stopp! Mä frot méch léiwer weider näischt!

Josy Braun